


Bulletin communal - N°2

# GEMENGEBUET

## Le *Gemengebuet* : L'actualité de votre commune !




Vous tenez entre vos mains la deuxième édition du *Gemengebuet*, le bulletin communal conçu pour vous informer de manière claire, régulière et transparente sur tout ce qui fait vivre notre commune.

Une commune dynamique repose sur une communication ouverte : C'est pourquoi nous souhaitons, par le biais de cette publication, créer un lien direct avec chacune et chacun d'entre vous.

NOUVEAU ! Le *Gemengebuet* sera dorénavant disponible en version bilingue luxembourgeois - français.



## Le *Gemengebuet* : Informer, connecter, avancer ensemble

Gemeng **Feelen**

# Rapport de la séance du conseil communal du 23 avril 2026

**Présences :** Laurence Bernard, Rajesh Etgen, Michel Goethals, Alain Hansen, Tessy Kohn, Fernand Mergen, Flore Schank, Claude Wilmes

**Absence** : Liette Stockreiser-Heinen

## 1. Nomination définitive du receveur communal dans le groupe de traitement A2

La nomination en question a lieu par vote secret.

**Vote secret**

## 2. Approbation de la convention tripartite 2026 des services d'éducation et d'accueil pour enfants non scolarisés

**8 voix**

**0 voix**

La convention tripartite 2026 des services d'éducation et d'accueil pour enfants non scolarisés a été signée le 15 janvier 2026 entre le collège des bourgmestre et échevins, le Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et *arcus Kanner, Jugend a Famill asbl*. Cette convention règle les relations entre les trois parties concernant l'organisation et le financement du service d'éducation et d'accueil pour enfants non scolarisés.

## 3. Approbation de la convention tripartite 2026 des services d'éducation et d'accueil pour enfants scolarisés

La convention tripartite 2026 des services d'éducation et d'accueil pour enfants scolarisés a été signée le 15 janvier 2026 entre le collège des bourgmestre et échevins, le Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et *arcus Kanner, Jugend a Famill asbl.* Cette convention règle les relations entre les trois parties concernant l'organisation et le financement du service d'éducation et d'accueil pour enfants scolarisés.

**8 voix**

**0 voix**

## 4. Approbation de la convention avec le service régional de jeunesse *Nordstadjugend a.s.b.l.*

**8 voix**

**0 voix**

La convention pour le service de rencontre, d'information et d'animation pour jeunes a été signée le 27 mars 2026 entre le collège des bourgmestre et échevins, le Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, l'organisme gestionnaire *Nordstadjugend a.s.b.l.* et les 14 communes membres restantes. La participation financière de la commune de Feulen s'élève à 43.575 €.

## 5. Approbation du contrat de fourniture concernant le débit de boissons

Un contrat de fourniture a été signé le 12 janvier 2026 entre le collège des bourgmestre et échevins et la *Brasserie de Luxembourg Mousel-Diekirch S.A* concernant la buvette du centre sportif et du centre *Warkdall* à Niederfeulen. La Brasserie accorde à la commune un investissement commercial de 20.000 €. En contrepartie, la commune s'engage à vendre ou à faire vendre, pendant toute la durée du contrat de fourniture, les bières proposées par la Brasserie. Le contrat de fourniture est conclu pour une durée de 8 ans à partir du 1er mars 2026.

**8 voix**

**0 voix**

## 6. Approbation de devis:

- 7.500 € pour l'installation d'un défibrillateur au centre culturel *Hennesbau ;*
- 60.000 € pour le réaménagement des alentours du centre culturel *Hennesbau* ;
- 40.000 € pour le réaménagement de la toilette pour personnes à mobilité réduite du centre culturel *Hennesbau.*

**8 voix**

**0 voix**

## 7. Création d'un article budgétaire, vote d'un crédit et approbation du devis pour l'acquisition d'un nouveau véhicule pour les besoins du service technique

**8 voix**

**0 voix**

La voiture tout-terrain ne passant plus le contrôle technique, l'acquisition d'un nouveau véhicule s'avère indispensable. Le devis pour une nouvelle voiture tout-terrain s'élève à 65.000 €.

## 8. Vote d'un crédit supplémentaire et approbation du devis pour l'aménagement d'une aire de jeux dans la route d'Arlon à Oberfeulen

Lors de l'élaboration du budget pour l'anneé 2026, un crédit de 60.000 € a été prévu pour l'aménagement d'une aire de jeux dans la route d'Arlon à Oberfeulen. Après des entrevues avec les citoyens concernés, le service technique a élaboré un devis. Le montant du devis se chiffrant à 82.000 €, le vote d'un crédit supplémentaire de 22.000 € s'avère indispensable.

**8 voix**

**0 voix**

## 9. Vote d'un crédit supplémentaire et d'un devis supplémentaire pour les travaux de rénovation de la chapelle à Oberfeulen

Le conseil communal a approuvé, lors de sa séance du 27 mars 2025, un devis de 200.000 € pour réaliser des travaux de rénovation à la chapelle à Oberfeulen. Des travaux imprévus constatés au cours du chantier impliquent le vote d'un crédit supplémentaire et d'un devis supplémentaire de 50.000 €.

8 voix
0 voix

## 10. Modification budgétaire

8 voix
0 voix

Le montant de la modification budgétaire s'élève à 38.000 €. Cette modification est nécessaire étant donné que le crédit est insuffisant suite à une faute de frappe.

## 11. Approbation de titres de recettes

Le montant total des recettes s'élève à 3.300.350,72 €.

8 voix
0 voix

## 12. Présentation du Plan pluriannuel financier

Le Plan pluriannuel financier a été présenté aux membres du conseil communal.

## 13. Equipe Pacte Nature - Nomination d'un nouveau membre

7 voix

0 voix

Suite à la démission de M. Alain Hansen de son poste d'échevin, M. Claude Wilmes est nommé en tant que nouveau représentant du collège des bourgmestre et échevins dans l'équipe Pacte Nature.

Conformément à l'article 20 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, M. Claude Wilmes s'abtient du vote.

## 14. Informations du collège des bourgmestre et échevins et questions des conseillers communaux

Les membres du conseil communal félicitent le comité d'organisation du Télévie pour l'organisation réussie des festivités du 17 et 18 avril 2026.

Au vu grand succès respectivement du Télévie et de la soirée de concerts, la question se pose si des soirées de concerts pourraient dorénavant être organisées de façon plus régulière.

Le *Gemengebuet* a été bien accueilli ; suite aux demandes de traduction dans une autre langue afin de le rendre encore plus accessible, il sera dorénavant disponible en version bilingue luxembourgeois-français.

# Prochaine séance publique




4.6.2026 à 8:30



# MERCI - Télévie 2026

Merci aux centaines de personnes qui se sont engagées avec générosité et enthousiasme ces derniers jours, semaines et mois dans le cadre du Télévie : L'école, la Maison relais et la crèche, les clubs et associations de Feulen et des environs, les commissions, les familles de Feulen, nos communes voisines, nos sponsors, notre administration, l'atelier, ainsi que toutes celles et ceux qui ont contribué, de près ou de loin.

Grâce à vous, nous avons pu récolter **140.000 euros** pour la recherche contre le cancer. Un résultat remarquable, qui n'aurait jamais pu être atteint sans votre engagement, votre énergie et votre solidarité.

Au-delà de ce chiffre, c'est un véritable message d'espoir que nous portons ensemble : Celui de croire en la recherche, en sa capacité à trouver des solutions pour agir plus tôt, de manière plus ciblée et plus efficace, et ainsi offrir à davantage de personnes une réelle chance de (sur-)vivre.

Ce que nous avons accompli dépasse les mots : c'est la force d'une communauté unie, solidaire et profondément humaine.

Ensemble, nous sommes forts. Ensemble, nous faisons la différence. Et ensemble, nous avons fait la différence.


Merci.

Le comité d'organisation du Télévie Feulen








télévie
Feelen


télévie
Merci
télévie




HUGO
Kuch to go
2€-3€
Koffi to go
2€
NACH MÉI AM HENNESBAU!






I ♥ my Earth
Was bedeutet Welt für mich?
Verschiedene Kulturen






Bulletin communal - N°2

# GEMENGEBUET

## De "Gemengebuet" : D'Aktualitéit aus Ärer Gemeng!

Dëst ass déi zweet Editioun vum **"Gemengebuet"**, der Feelener Gemengenzeitung, déi Iech reegelméisseg iwwert d'Aktualitéit an der Gemeng informéiert.

Eng dynamesch Gemeng lieft vun enger oppener Kommunikatioun: Dofir wëlle mir, mat dëser Publikatioun, eng direkt Verbindung mat de Feelener Leit schafen.

**NEI!**
De "Gemengebuet" gëtt et vun elo un an enger zweesproocheger Versioun op Lëtzebuergesch an op Franséisch.






## De "Gemengebuet" : Informéieren, zesummeféieren a virukommen!

Decisioune vum Gemengerot, lafend an zukünfteg Projeten, lokal Initiativen, offiziell Publikatiounen, Informatioune vun Institutiounen an Associatiounen – d'Gemengenzeitung bitt Iech en Iwwerbléck iwwert d'Aktualitéit an der Gemeng.

Et geet eis drëm, fir d'Transparenz ze stäerken, de Kontakt mat de Feelener Leit ze förderen an Iech reegelméisseg aktuell Informatiounen iwwert d'Liewen an der Gemeng ze ginn.

# Rapport vun der Gemengerotssëtzung vum 23. Abrëll 2026

**Presenzen :** Laurence Bernard, Rajesh Etgen, Michel Goethals, Alain Hansen, Tessy Kohn, Fernand Mergen, Flore Schank, Claude Wilmes

**Absence :** Liette Stockreiser-Heinen

## 1. Definitiv Nominatioun vum Gemengereceveur an den Traitementsgrupp A2

D'Ofstëmmung huet geheim stattfonnt.

**Geheime Vott**

## 2. Approbatioun vun der Dräier-Konventioun 2026 fir d'Bildungs- an d'Betreiungsstrukture vun net-scolariséierte Kanner

**8 Stëmmen** (jo)
**0 Stëmmen** (neen)

D'Dräier-Konventioun fir d'Bildungs- an d'Betreiungsstrukture vun net-scolariséierte Kanner ass de 15. Januar 2026 tëschent dem Schäfferot, dem Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend an *arcus Kanner, Jugend a Famill asbl.* ënnerschriwwe ginn. Mat dëser Konventioun gëtt d'Organisatioun an d'Finanzéierung tëschent deenen 3 Akteure gereegelt.

## 3. Approbatioun vun der Dräier-Konventioun 2026 fir d'Bildungs- an d'Betreiungsstrukture vu scolariséierte Kanner

D'Dräier-Konventioun fir d'Bildungs- an d'Betreiungsstrukture vu scolariséierte Kanner ass de 15. Januar 2026 tëschent dem Schäfferot, dem Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend an *arcus Kanner, Jugend a Famill asbl.* ënnerschriwwe ginn. Mat dëser Konventioun gëtt d'Organisatioun an de Finanzement tëschent deenen 3 Akteure gereegelt.

**8 Stëmmen**

**0 Stëmmen**

## 4. Approbatioun vun der Konventioun mam regionale Jugendservice *Nordstadjugend a.s.b.l.*

**8 Stëmmen**

**0 Stëmmen**

D'Konventioun ass de 27. Mäerz 2026 tëschent dem Schäfferot, dem Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend, dem Gestionnaire *Nordstadjugend a.s.b.l.* an de reschtleche 14 Membergemengen ënnerschriwwe ginn. D'finanziell Bedeelegung vun der Gemeng Feelen beleeft sech op 43.575 €.

## 5. Approbatioun vun engem Fournitureskontrakt fir de Verkaf vu Gedrénks

De Fournitureskontrakt fir de Verkaf vu Gedrénks an der Buvette vum *Centre sportif* an dem *Centre Warkdall* ass den 12. Januar 2026 tëschent dem Schäfferot an der *Brasserie de Luxembourg Mousel-Diekirch S.A.* ënnerschriwwe ginn. D'Gemeng kritt eng kommerziell Investitioun vun 20.000 €. Am Géigenzuch dierf d'Gemeng just Béier verkafen, deen d'Brasserie ubitt. D'Konventioun leeft vum 1. Mäerz 2026 u fir eng Dauer vun 8 Joer.

**8 Stëmmen**

**0 Stëmmen**

## 6. Approbatioun vun Devisen

- 7.500 € fir d'Installatioun vun engem Defibrillator beim Centre culturel *Hennesbau*;
- 60.000 € fir de Reamenagement vun den Alentoure vum Centre culturel *Hennesbau*;
- 40.000 € fir de Reamenagement vun der Toilett fir Mënsche mat kierperlecher Beanträchtegung am Centre culturel *Hennesbau*.

**8 Stëmmen**

**0 Stëmmen**

## 7. Uschafung vun engem neie Gefier fir de Bedarf vum technesche Service - Schafe vun engem Budgetsartikel, Vott vun engem Kredit an Approbatioun vum Devis

**8 Stëmmen**

**0 Stëmmen**

D'Gemengegefier "tout terrain" kënnt net méi duerch déi technesch Kontroll a muss dofir ersat ginn. Et läit een Devis an Héicht vu 65.000 € vir.

## 8. Amenagéiere vun enger Spillplaz an der route d'Arlon zu Uewerfeelen - Vott vun engem zousätzleche Kredit an Approbatioun vum Devis

D'Amenagéiere vun enger Spillplaz an der route d'Arlon zu Uewerfeelen ass mat engem Betrag vun 60.000 € am Budget 2026 virgesinn. No enger Entrevue mat den Awunner aus der Strooss ass een Devis erstallt ginn. Et huet sech erausgestallt, datt den initiale Betrag net héich genuch ass, esou datt nach een zousätzleche Kredit vun 22.000 € muss gestëmmt ginn. Den Devis fir d'Spillplaz beleeft sech op 82.000 €.

**8 Stëmmen**

**0 Stëmmen**

## 9. Vott vun engem zousätzlechen Kredit an Devis fir d'Renovatioun vun der Kapell zu Uewerfeelen

An der Gemengerotssëtzung vum 27. Mäerz 2025 ass een Devis an Héicht vun 200.000 € gestëmmt gi fir d'Renovatioun vun der Kapell zu Uewerfeelen. Opgrond vu verschiddenen Imprevue wärend den Aarbechte muss en zousätzleche Kredit an Héicht vu 50.000 € gestëmmt ginn.

**8 Stëmmen**
**0 Stëmmen**

## 10. Ännerungen am Budget

**8 Stëmmen**
**0 Stëmmen**

D'Ännerungen am Budget belafe sech op 38.000 €. Dës Modifikatioun ass noutwenneg opgrond vun engem Tippfeeler.

## 11. Approbatioun vu Recetten

D'Recettë belafe sech op 3.300.350,72 €.

**8 Stëmmen**
**0 Stëmmen**

## 12. Presentatioun vum méijärege Finanzplang

De méijärege Finanzplang ass dem Gemengerot presentéiert ginn.

## 13. Ekipp vum Naturpakt - Nominatioun vun engem neie Member

**7 Stëmmen**

**0 Stëmmen**

Opgrond vun der Demissioun vum Här Alain Hansen als Schäffe muss en neie Vetrieder vum Schäfferot an d'Ekipp vum Naturpakt genannt ginn. De Schäfferot proposéiert den Här Claude Wilmes.

Den Här Claude Wilmes enthält sech beim Vott, geméiss dem Artikel 20 vum modifizéierte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988.

## 14. Informatioune vum Schäfferot a Froe vun de Conseilleren

D'Membere vum Gemengerot felicitéieren dem Organisatiounskommitee vum Télévie fir déi gelongen Organisatioun vun de Festivitéite vum 17. an 18. Abrëll 2026.

No deem grousse Succès vum Télévie, respektiv vum Virowend mat de Konzerten, stellt sech d'Fro, ob d'Méiglechkeet besteet, fir an Zukunft méi reegelméisseg esou Evenementer z'organiséieren.

Déi 1. Editioun vum "Gemengebuet" huet vill positive Feedback kritt; d'Fro ass gestallt ginn, ob dësen och kënnt an eng aner Sprooch iwwersat ginn. Vun elo u wäert de "Gemengebuet" dofir an 2 Sproochen disponibel sinn.

# Déi nächst ëffentlech Sitzung




4.6.2026 ëm 8:30






PIZZARIA
télévie


télévie




télévie
AU TÉLÉVIE


DHL






ASPORT
JAKO
EL
STAFF










STAFF
télévie
Feelen
NFJ


€




Déi Jonk vu gëschter
Feelen
Liste des prix




s.Oliver
STAFF
télévie


140000.00 €
télévie
140.000€
Centre de promesses
FEULEN

# Mir soe MERCI - Télévie 2026

Merci deenen Honnerte vu Mënschen, déi sech an deene leeschten Deeg, Wochen a Méint am Kader vum Télévie engagéiert hunn: d'Schoul, d'Maison relais an d'Crèche, d'Veräiner an d'Associatioune vu Feelen an Ëmgéigend, d'Kommissiounen, d'Feelener Familljen, eis Nopeschgemengen, eis Sponsoren, eis Administratioun, eisen Atelier an all déi aner.

Zesumme hu mir – hutt dir – et méiglech gemaach: **140.000 Euro** fir d'Fuerschung géint de Kriibs! Ouni iech wier dat net méiglech gewiescht.

Dësen Engagement ass e staarkt Zeeche vun Hoffnung: Datt d'Fuerschung Weeër a Méiglechkeete fënnt, fir méi fréi, méi geziilt a méi effikass kënnen ze handelen – an esou méi Mënschen eng reell Chance op Liewen ze ginn.

Zesumme si mir staark. Zesumme kënne mir en Ënnerscheed maachen. An zesummen hu mir en Ënnerscheed gemaach.

Merci dofir!

Den Organisatiounskommitee vum Télévie Feelen





# SICONA day

Léiert de SICONA a seng Naturschutzprojete kennen

SICONA Naturschutzsyndikat

## Naturschutz an der Praxis - sidd ganz no dobäi!

**06.06.2026 • 09:30-16:30 Auer**

**Atelier technique SICONA zu Kielen**

**De ganzen Dag iwwer Aktivitéiten beim a ronderëm den Atelier!**

### Entdecken, berode loossen an Neies gewuer ginn:

- Bléiflächen als Inspiratioun fir Äre Gaart
- Aarteschutz am Duerf: Hëllef fir d'Schmuewelen, Leeëndecker & Co
- Förderung vum Naturschutz an eise Gemengen
- Abléck an de Maschinnepark - all Dag am Asaz
- Foodcorner mat regionale Produiten

Wëllplanzesom Lëtzebuerg

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur

Vum Atelier aus gi weider Aktivitéien zu festen Auerzäiten fort

Programm →









## Naturschutz an der Praxis - sidd ganz no dobäi!

**06.06.2026 • 09:30-16:30 Auer**

**Atelier technique SICONA zu Kielen**

## De ganzen Dag iwwer Aktivitéiten beim a ronderëm den Atelier!

Aarteschutz am Duerf • SICONA kids • Produktioun vu Wëllplanzen • Naturpakt • Fuerpark • Foodcorner mat regionale Produiten

## Mellt Iech fir follgend Aktivitéiten un:

| | |
|---|---|
| 09:30-16:00 LB | Kanner-Rallye: Natur erliewen mat SICONA Kids |
| 09:30-12:30 LB<br>12:30-15:30 FR | Visitt op engem Bauerenhaff |
| 10:15-12:00 LB<br>13:00-14:30 LB | Mam Wanderschéifer ënnerwee |
| 09:45-11:30 LB<br>13:30-15:15 EN | Plänzchen hei, Plänzchen do: d'Villfalt um Aker an um Wee |
| 10:30-12:30 FR<br>13:30-15:30 LB | Bommel, Bei a Päiperlek - Bestëmmen a Staunen! |
| 09:45-11:45 EN<br>13:30-15:30 LB | Plätschnaass: Fiichtgebidder fir Amphibien |
| 10:00-12:30 LB<br>13:30-16:00 LB | Wëllkraiderwanderung - Iessbar Kraider on Tour |

**Umeldung iwwert:**
**sicona.lu/sicona-day-2026**



